LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et du ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, Xavier Bettel, à la question parlementaire n°3833 du 25 mars 2026 des honorables députés Marc Goergen et Sven Clement au sujet des activités du NSO Group au Luxembourg et les liens éventuels avec le Togo**

**Kann d'Regierung ausschléissen, datt de Verkaf oder d'Lizenzéierung vun der Pegasus-Software un den Togo iwwer eng lëtzebuergesch Filial vum NSO Group oder eng verbonne Gesellschaft ofgewéckelt gouf?**

D'Regierung huet keng Kenntnis dovunner.

**Goufen zanter 2021 zousätzlech Kontrolle vun der "Office du contrôle des exportations, importations et transits" (OCEIT) bei de lëtzebuergeschen Entitéite vum NSO Group duerchgefouert, fir méiglech Ëmgoe vun Exportreegele fir Dual-Use-Gidder ze préiwen?**

Et sief dorop higewisen, datt de fréiere Minister Jean Asselborn den 21. Juli 2021 déi concernéiert Entreprisen ugeschriwwen huet, an hinnen hier Obligatiounen am Kader vum Gesetz vum 27. Juni 2018 relative au contrôle des exportations erkläert huet. Den OCEIT huet bis dato keng Demande vun enger concernéierter Entreprise krut.

**Sinn der Regierung Erkenntnisser doriwwer bekannt, ob Finanzstréim am Zesummenhang mat de Kontrakter am Togo iwwer Lëtzebuerger Bankkonten oder Finanzstrukture gelaf sinn?**

D'Regierung huet keng Kenntnis dovunner.

**Wéi vill Filialen oder Duechtergesellschafte vum NSO Group sinn aktuell nach am lëtzebuergeschen Handelsregister (LBR) ageschriwwen a wéi gëtt hir Aktivitéit iwwerwaacht?**

D'Handelsregisteren, déi vum Luxembourg Business Registers (LBR) gefouert ginn, enthale keng Informatiounen iwwer d'Positioun vun enger Gesellschaft bannent engem Grupp. Donieft ginn d'Aktionären vun enger Gesellschaft, déi am Registre de commerce et des sociétés (RCS) erfaasst ginn, nëmme fir eng limitéiert Unzuel vu Forme vu kommerzielle Gesellschaften uginn. Dës Informatioune sinn zum Beispill fir eng Société anonyme (SA) net erfaasst. Doriwwer eraus, verweist d'Regierung op de Portal vum lëtzebuergeschen Handelsregister, deen um Site www.lbr.lu fräi zougänglech ass.

Luxembourg, le 28/04/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles